

tive Service unerkannt ginn, wat an Zukunft déi international Zesummenarbecht op dësem Gebitt wäert assuréieren.

- D'Verschëcke vu Mécke mat der Post...

(Hilarité)

...zu wissenschaftlechen Zwecker gëtt erlaabt. Si gi benutzt virun allem an der Recherche géint Alzheimer, Parkinson, Härz-krankheeten a verschidde Forme vu Kribs.

- Eng revidéiert Versioun vum Bezugungssystem, wat den internationale Courrier betréfft. Et gouf versicht de Kompen-satiounssystem méi enk un d'Konditiounen vun den eenzelne Länner unzepassen. De Coût réel sollt och besser reflektéiert ginn.

- Zu gudder Lescht: Et gouf och Bilan gezunn iwwert de Fonds pour l'Amélioration de la Qualité de Service, FAQS, deen 1999 beim Kongress zu Peking geschaf gouf. Mat grousser Satisfaktioun ass festgestallt ginn, datt mat senger Hëllef 279 Projeten, déi zur Verbesserung vum Postservice an den Entwicklungs lännern bäägedroen hunn, finanzéiert gi sinn.

De Statsrot gëtt sain Accord de principe, mä freeet sech, ob den Artikel 22, dee sech mat de Services de paiement befasst, net eng Gefor fir d'Bankgeheimnis kéint duerstellen. D'Kommissioun dergéint huet festgestallt, dass den Artikel 22 quasi Lettre morte ass, well e scho längst net méi ugewannnt ginn ass. A wann dëst de Fall sollt sinn, da misst d'Entreprise des Postes et Télécommunications an hirer Qualitéit als Professionellen aus dem Finanzsecteur sech strikt un d'Gesetz vun 1993 iwwert d'Finanzplaz halen, an deem och d'Bankgeheimnis festgehalen ass.

Wat d'Form ubelaangt, huet de Statsrot drop

higewisen, datt hien eng kloer Trennung wünscht téschent den Texter, déi formell müssen approuvéiert ginn, an deenen, déi just als Bäilag zum Dossier gëllen. D'Kom-missioun ass do anderer Meenung, well hir vill un der Liesbarkeet vum Dokument läit.

Zu gudder Lescht proposéiert de Statsrot e puer Modifikatioune fir den Intitulé an de Libellé. Dës Propositionen vum Statsrot gouf eestëmmeg vun der Chamberskom-missioun uegholl.

Här President, ech denken, ech hätt a mengem virleefeg leschte Rapport an dësem Haus déi wichtigst Aspekte vun dësem Gesetzesprojet duergeluecht.

(Interruptions)

Dëse Projet huet an der Kommissioun zu kenge gréissere politesche Verwerfunge gefouert. Duerfir géif ech lech bidden, dësem Projet Är Zoustëmmung ze ginn, esou wéi dat d'CSV-Fraktioun mat hirem Accord virmécht.

Ech soen lech Merci fir d'Opmierksamkeet.

»» Plusieurs voix.- Très bien!

»» M. le Président. - Merci, Här Rappor-teur Maroldt. Den Här Minister huet d'Wuert gefrot.

»» M. Luc Frieden, Ministre de la Justice. - Här President, ech wollt deene sukzessive Rapportiere vun de Mëttog och vu Regierungssäit Merci soen. Ech hat déi Chance nach net bis elo. Ech géif et awer besonnesch wëllen, och am Numm vun der Regierung, maachen, fir den Här Depu-tiéierte Maroldt an him och zugläich am Numm vun der Regierung alles Guddes wünschen op senger nächster professio-neller Etapp.

Merci.

»» M. le Président. - D'Chamber schléisst sech deene gudde Wënsch, déi d'Regierung un d'Address vum Här Maroldt geriicht huet, selbstverständlech un. Och

mir wünschen him alles Guddes a senger zukünfteger Carrière.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert de Projet 5613.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5613 ass eestëmmeg uegholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par Mme Marie-Josée Frank), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydia Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. John Castegnaro) et Mme Vera Spautz (par M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gett d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et also esou décidéiert.

D'Projete 5648 a 5649 sinn zwee Accorden téschent de Benelux-Länner mat Bosnien-Herzegowina a mat Mazedonien iwwert d'Readmission vun deene Persounen, deenen hir Openthaltskonditiounen net regulariséiert sinn. Béid Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deenen zwee Projeten. Dat ass den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

10. 5648 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) et la Bosnie et Herzégovine relatif à la reprise et à la réadmission des personnes en situation irrégulière (Accord de reprise et de réadmission) et de son Protocole d'application, signés à Sarajevo, le 19 juillet 2006

5649 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les Gouvernements des États du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) et le Gouvernement macédonien relatif à



**Chambre
des Députés**
LUXEMBOURG

Chamber TV
weist all
öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens)

Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29

An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32

An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29

An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz

Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bärmereng um
Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ

Zu Iermisdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Kielen (& Brameschhaff),
Keespelt, Meespelt,
Ollem a Nouspelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

la réadmission des personnes en séjour irrégulier (Accord de réadmission) et de son Protocole d'application, signés à Voorburg, le 30 mai 2006

Rapport commun de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration.

» M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert mech dem Rhythmus vun de Mëttet dann adaptéieren. Dái zwee Projeten, dat hutt Der gesinn, si jo an engem gemeinsame Rapport écrit behandelt ginn; da wäert ech dat heibannen och esou maachen.

Et handelt sech bei dësen zwee Gesetzesprojeten ém zwee Accords de réadmission, déi mer hei am Parlament approuvéiere mussen.

Beim 5648 handelt et sech ém d'Reprise an d'Réadmission vu Persounen en situation irrégulière tëschent de Benelux-Staten a Bosnien-Herzegowina. Dësen Accord gouf am Juli 2006 zu Sarajevo énnerschriwwen.

Beim zweete Projet, dem 5649, do geet et ém en Accord de réadmission tëschent de Regierunge vun de Benelux-Staten an der mazedonescher Regierung, deen am Mee 2006 zu Voorburg an Holland énnerschriwwen ginn ass.

Den 8. Dezember sinn déi zwee Projeten déposéiert ginn. De Rapport an der Kommission hu mer den 12. Februar gemaach. Mir sinn och dat éischt Benelux-Land, wat am Parlament dës zwee Projeten approuvéiert.

Dës zwee Projete schreive sech an de Kader vun der Lutte géint déi illegal Immigration an. Si sinn och d'Suite vun enger laanger Serie vun esou Accorden, wéi mer der scho vill heibanne beschwat henn, entweder am Kader vu Benelux - do hu mer der scho 15 heibannen approuvéiert, déi heite sinn also elo de 16. an de 17. - oder am Kader vu Schengen an am Kader vun der Europäescher Unioun, wou mer esou Accords de réadmission och scho gemaach henn.

D'EU erlaabt awer de Memberlännner bilateral weider esou Accorden ofzeschleissen. Némmen am Fall, wou den europäesche Ministerrot der Kommission schonn d'Mandat ginn huet, fir en Accord de réadmission ze verhandelen, därfen d'Länner net méi bilateral esou Accordé maachen.

Hei geet et ém zwee Accordé mat zwee Länner vum Westbalkan, déi sech am Prozess vun der Stabilisation an der Association versichen un d'Europäesch Unioun unzenäheren. An deene Länner besteht e grousse Wëllen, eng euro-atlantesch Unnäherung ze erliewen.

Ech erënneren drun, dass mer um europäesche Plang an zwou Vitessé mat deenen zwee Länner fueren. Mat Mazedonien, oder besser gesot mat därfreierer jugoslawescher Republik vu Mazedonien, wéi se offiziell heescht, do hu mer schonn en ASA, e sougenannten Accord de stabilisation et d'association énnerschriwwen. An dat Land huet och sät dem Dezember 2005 offiziell de Statut vum Kandidat, fir an d'EU eranzekommen.

Mir waren iwwregens als aussepolitesch Kommission virun annerhalfe Joer an deem Land, henn hir europäesch Kommission getraff an haten och do eng ganz gutt

Erfahrung an en Échange mat deene Leit gemaach an och sur place gesinn, dass se vill Efforté maachen, fir sech der europäescher Gesetzgebung ze näheren.

Bosnien-Herzegowina ass op engem aneren Niveau. Dir wësst, dass et elo zéng Joer hier ass, dass d'Dayton-Accorden énnerzheet gi sinn. Dat Land huet nach keen ASA mat der EU ofgeschloss.

Dái Accords de réadmission définieieren déi Konditiounen a praktesch Modalitéiten, wéi esou eng Réadmission vun de Personne soll oflafen. Ech ginn net méi weider op de Prinzip an; mir hunn därf Accordest wéi vill hei gehat. De Prinzip ass folgenden: All Land, wat esou en Accord énnerzheet huet, ass verflicht, seng Statsbierger, déi sech illegal ophalen um Territoire vun deem anere Land, dat den Accord énnerschriwwen huet, erëm opzehuelen.

De Prinzip kennt Dir. Ech wollt just nach een Detail soen: Beim Accord mat Bosnien-Herzegowina schwätze mer vu Réadmission a Reprise. Si maachen en Énnerscheid: Wann et sech handelt ém Statsbierger vu Bosnien an Herzegowina, schwätze se vu Reprise, a bei Leit aus États tiers geet et ém Réadmission. Bei deem anere Projet gëtt deen Énnerscheid net gemaach.

De Statsrot huet dës zwee Projete favorabel aviséiert. Ech ginn lech elo hei den Accord vun der LSAP-Fraktiou a bidden lech datselwecht ze maachen. Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Rapporteur, fir deen exzellente Rapport fir déi zwee Projeten.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert de Gesetzesprojet 5648.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5648 ass eestëmmeg ugeholle mat 58 Jo-Stëmme, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. John Castegnaro) et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen; M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir stëmme dann of iwwert de Gesetzesprojet 5649².

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5649 ass eestëmmeg ugeholle mat 59 Jo-Stëmme, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. John Castegnaro) et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Motioun, déi den Här Kox déposéiert huet. Här Kox, wëllt Dir d'Wuert nach eng Kéier dozou ergräifen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Motioun, déi den Här Kox déposéiert huet. Här Kox, wëllt Dir d'Wuert nach eng Kéier dozou ergräifen?

11. Motion de M. Henri Kox concernant le projet de loi 4985 relatif aux chiens

» M. Henri Kox (DÉI GRÉNG) auteur.- Jo, Här President, dann halen ech mech och un de Rhythmus vu virdrun. Et geet ém d'Motioun, fir de Gesetzesprojet 4985 zréckzeéien an d'Regierung opzefuerderen, en ze iwwerschaffen an am Senn vu méi enger grousser Responsabilisierung vun den Hondshalter auszeschaffen.

Dái Gréng sinn net eleng bei därf Aschätzung. Duerch déi Gespréicher an der Chamberskommission selwer respektiv mat all den Hondsbesézter respektiv Déiereschutzassociatiounen stellt sech ganz kloer déiselwecht Meening ervir.

Ech erënneren och nach eng Kéier un eng Motioun vun der Sozialistescher Partei, námlech vum Här Zanussi vun 2004, déi an deemselwechte Senn iwwerluecht huet a gesot huet - an dat énnerstëtze mer ganz an därselwechter Richtung :- «Un chien n'étant pas méchant par nature, il conviendrait plutôt de légiférer sur son propriétaire.»

Mir mengen an dësem Gesetz ass dat net esou zréckzefannen. Duerfir sollte mer éischter a Richtung vun enger méi gezillter Opklärung vis-à-vis vun de Propriétairé vun den Henn goen.

Och menge mer, dass eng Klassifizéierung vu geféierlechen Henn an net geféierlechen Henn náischt bréngt, well all wéssenschaftlech Etüden dat a sech widderleeën. Insbesondere déi lescht Interventioun oder Etüden aus der Schwäiz, déi ganz kloer an déi Richtung ginn, wou ganz kloer bewise gëtt, dass eben e ganz groussen Deel vu Bësswonnen net vun deenen Henn ausginn, mä generell praktesch all Hond do beträff ass.

Och si mer der Meening, dass insbesondere d'Bessonfall misste gemellt ginn, well

némmen da kann eng seriö Etüd gemaach ginn iwwert d'Auswirkungen am Zesummenhang mat den Henn.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Den Här Mehlen huet nach d'Wuert gefrot.

Discussion générale

» M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, mir sinn e bëssen iwwerrascht iwwert déi Démarche vun de gréng Kolleggen. Mir sinn eis an eisen Aarbechten an der Kommission bis elo eens gewiescht, datt villes an deem Gesetz net esou ass, wéi mir eis et virstellen. Mir haten eng Partie Auditouen, déi eis zur Erkenntnis gefouert hunn, datt dat, wat den Här Kox hei virdroen huet, sech ongefíer géif als déi verstänneg Richtung undeten.

Ech fannen awer, wann e Projet, deen d'Regierung erabréngt, net perfekt ass oder eis net gefält - dat hei ass jo iwwregens déi zweet Versioun, nodeem datt de Statsrot déi éischt zerrappt hat -, da solle mer eis als Chamber awer net ze schued sinn, fir dann derduerch ze goen an dat erauszehuelen, wat eis net gefält, an dat ze änneren, wou mer menge wat sollt geännert ginn.

Mir mengen eis dobaussen domat - an, ech mengen, och net zu Onrecht -, datt mer eng ganz Partie Projeten net esou schlécken, wéi dat émmer dobausse gesot gëtt: D'Chamber géif dat alles hei némmen esou duerchwénken. Duerfir si mir der Meening, mir sollen eis ganz intensiv mam Projet auserneesetzen. Mir sinn och der Meening, datt villes drasteet, wat muss eraus. Gréissendeels an deem Senn wéi den Här Kox et hei presentéiert huet.

Mä ech fannen et ass sech et awer vläicht e bëssen ze vill einfache gemaach, fir ze soen: Zéit zréck a bréngt erëm eppes Neies, wou deelweis souguer Saachen drasti wéi d'Identification électronique des chiens, wat souwisou elo schonn drasteet. Dat ass jiddefalls eis Positioun.

Merci, Här President.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Sou! Mir kommen elo zur Ofstëmmung. Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Négation)

Ech denken net. Ass de Vote électronique gefrot? Ass e gefrot?

(Assentiment)

Da musst Der mer dat soen.

» M. Romain Schneider

(LSAP).- Här President!

» M. le Président

.- Här Schneider?

» M. Romain Schneider (LSAP).- Ech wollt och eng Kéier kuerz als LSAP Stellung huelen zum Projet, wou mer inhaltech mat Sécherheet eng Rei vun dése Punkte kënnen akzeptéieren. Et gouf schonn zitéiert, datt eng Rei Meening vun der LSAP mat eragefloss sinn. Och mir gesinn awer eigentlech, datt mer an enger Procédure de discussion sinn an der Kommission, wou all déi Punkten de Moment undiskutéiert ginn a solle virun diskutéiert ginn.

An ech fannen et och richteg, datt mer émmer solle légitiférieren an déi dote Prozedur, déi amgaang ass, duerchzéien, well et sinn eng Rei aner Saachen dran, déi effektiv och Belaaschtunge fir d'Gemengen duerstellen; wéi derniewent d'Rassentrennung. All déi Saache goufen hei net ugeschwät, also solle mer dat och wierklech eng Kéier an der Kommission duerchgoen.

(Interruptions)

» M. le Président.- Den Här Goerens.

» M. Charles Goerens (DP).- Här President, ech hunn och d'Gefill gehat, datt mer an der Kommission awer eng relativ korrekt Diskussion haten. An ech sinn och der Meening, datt déi extrem Standpunkte konnten e bësse méi no beineee bruecht ginn. Dái Écarté si reduziert ginn, a mir sinn um richtige Wee. Duerfir, wann déi